

2. Sonndeg am Joreskrees (Joer C)

Joh 2,1-11

- 1 Zu Kana a Galiläa war eng Hochzäit,
an dem Jesus seng Mamm war drop.
- 2 Och de Jesus an seng Jünger waren op d'Hochzäit geruff ginn.
- 3 Wéi kee Wäi méi do war,
sot dem Jesus seng Mamm zu him: "Si hu kee Wäi méi!"
- 4 Du sot de Jesus zu hir: "Wat hunn ech mat dir ze doen, Fra?
Meng Stonn ass nach net komm."
- 5 Seng Mamm sot zu den Dénger:
"Maacht dat, wat hien iech seet!"
- 6 Et stoung sechs stenge Waasserkréi do,
wéi d'Judden se fir hir [rituell] Rengeunge geholl hunn.
A jidder Krou gounge zwou bis dräi Metretenⁱ.
- 7 De Jesus sot zu den Dénger: "Fëllt d'Kréi mat Waasser!"
Dunn hunn si se bis uewenhi gefëllt.
- 8 Dueropshi sot de Jesus zu hinnen: "Schäfft elo eraus
an drot deem et, deen sech ëm d'lessen an d'Gedrénks këmmert!"
Dat hunn si gemaach.
- 9 Nodeems de Mann, dee fir d'Gedrénks zoustänneg war,
d'Waasser geschmaacht hat, dat Wäi gi war
– hie wusst net, wou de Wäin hierkoum,
ma d'Dénger, déi d'Waasser geschäfft haten, wussten et –,
huet hien de Bräitchemann geruff
- 10 an zu him gesot: "All Mënsch setzt fir d'éischt dee gudde Wäin dohinner,
an eréischt herno, wann d'Leit es vëllege gedronk hunn,
dee manner gudden.
Du awer hues dee gudde Wäi bis elo versuergt!"

- 11 Dat hei huet de Jesus zu Kana a Galiläa gemaach
 als Ufank vun sengen Zeechen.
 Esou huet hien seng Herrlechkeet gewisen,
 an seng Jünger hunn un hie gegleeft.

ⁱ Eng Metret sinn ca. 40 Liter.